N° 63 | ABRËLL 2023

# Fëschber Gemengeblat



S.A.R. le Prince François Henri
Luis Marie Guillaume *27.03.2023

*Photo © Céline Maia-StudioByC*

# Impressum


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Abrëll 2023

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung Fëschbech
Maison Relais
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Andrée DAEMS
Viviane HEUSKIN
Daniel HOTTUA
Eric KARIER
Olivier MOLITOR
Daniel MOURA

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Céline Maia-StudioByC

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu


*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 64/2023 ass den 28/07/2023.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***


**GEMENG**

Gemengerotssëtzungen 6
Matdeelungen
- Population 9
- Le vote par correspondance 10
- Lingolux - Envie d'améliorer vos connaissances 12

Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
- „Sécher ënnerwee a menger Gemeng" 14
- Aweihung vum Fligerdenkmal zu Schous 16
- Gemengeniessen 20
- UGDA - Diplomiwwerreechung 22
- Klimapaktdag 24
- Léieren a beweegen am Bësch 26
- Grouss Botz 28
- Uebstbeem schneiden 30
- D'Schoulkanner planze Käschtebeem 31

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

Aktivitéiten an der Schoul 32
Interview mit dem Förster mit dem Zyklus 2 39
Aktivitéiten an der Maison Relais „bei de Kueben" 44

**WAT WAR LASS?**

Liesmoien 48
Generalversammlung vun der Amicale vun de Pompjee 49
Theaterowender 50
Mir Kanner komme liichten 51
Hierkeniessen 52
Kannerfuesbal 52
Mir ginn heeschen 53
Hexebal 54
Kavalkade zu Dikrech 56
Buergbrennen 58
Generalversammlung vum Senioreveräin 61
Choucroute 62
„Mir reechen d'Hand" 63
Generalversammlung Region Osten vun de Pompjee 64
Generalversammlung vun der Chorale 65
D'Klibberen… 66
Éischt Kommioun 67

**REPORTAGE**

Was macht ein Tiroler in Schoos? 68

**AGENDA**

Aktivitéitskalenner 2023 70




# Virwuert

Léif Matbiergerinnen a Matbierger aus eiser Gemeng,

fir d'alleréischt wëll ech am Numm vum Schäffen- a Gemengerot an am Numm vun Iech alleguer dem Prënz Guillaume an der Prinzessin Stéphanie felicitéiere fir den neie Familljemember um Fëschber Schlass.

***„Monseigneur, Madamm, mir freeën eis vu ganzem Häerze mat Iech iwwert d'Gebuert vum Prënz François. Mir wënschen Iech vill schéi Stonnen an eng wonnerschéin Zäit mat de Prënzen Charles a François an eiser Mëtt zu Fëschbech."***

Mir sinn, léif Matbiergerinnen a Matbierger, an enger spannender Phase vun dësem Joer, vun deem an de Medien oft zitéierte „Super-Waljoer"! Et gëllt hei zu Fëschbech een neie Gemengerot mat 9 Käpp ze wielen.

Spannend fir d'Kandidaten a fir d'Populatioun ass deen ee Volet, wichteg a Richtungsweisend fir eis Gemeng ass een aneren. Zu dësem Moment hu mir d'Gewëssheet dass et sécher Wale wäerte ginn, dat heescht de Wieler ka säi Wonsch zum Ausdrock bréngen wéi deen neie Gemengerot soll ausgesinn an duerch d'Stëmmenunzuel wäert et och schonn eng Indikatioun gi wéi de Wieler sech deen neie Schäfferot virstellt!



14 Kandidate wäerten sech dem Wieler stellen. Hinne gëllt elo schonn e grousse Respekt fir hire Wëllen sech fir eis Gemeng anzesetzen.

E politescht Mandat an eiser Gemeng unzehuele bedeit net nëmmen Decisiounen zum Wuel vun der Gemeng Fëschbech a senger Populatioun ze treffen, present a präparéiert a Sëtzungen ze goen, mee doriwwer eraus och seng perséinlech Interêts zeréckzestellen a sengen Obligatiounen, ënnert anerem op Nationalfeierdag oder Kommémoratiounsdag, mat Houfert a Respekt nozekomme fir eis Gemeng, eise Wopen an eise Lëtzebuerger Fändel ze vertrieden an eise Gemengeleit e Virbild ze sinn. E Fakt dee leider all ze oft vun eenzelnen „politesche Gemengevertrieder" vergiess gëtt, an och an eiser Gemeng gouf!

Virun de Walen ass och ëmmer eng Zäit fir e Bléck no hannen, iwwert d'Schëller ze geheien an ze kucke wat geschitt ass an op eppes ereescht gouf. Et fält mir net an, eise Schäffen- a Gemengerot op dëser Plaz ze luewen an awer fannen ech et wichteg verschidden Detailer aus der leschter Mandats-Period, wou vill geschafft gouf, ervirzehiewen, jo ze rappelléieren.

Eis als Schäfferot war et wichteg Brécken déi an eiser Gemeng am Koup louchen erëm opzebauen. Eng esou eng Bréck ass déi zu eiser Schoul, zu eisem Corps Enseignant, zu eise Kanner. Eis Kanner sinn eis Zukunft an duerfir ass eng gutt Entente tëscht Gemeng a Schoul grad wéi e reegelméissegen Austausch mam Schoulcomité enorm wichteg. Haut kéint déi Entente net besser sinn! Dorops kënne mir als Gemeng houfreg sinn. Den Equipement am Schoulgebai an eisen amenagéierte Schoulcampus kënnen sech haut weise loossen, hei gouf zanter 2017 vill a gutt geschafft. Contrairement zu deem wat béiss Zongen dobausse behaapten, wëll ech hei kloer stellen dass d'Schoul „net alles krut/kritt wat se wollten/wëllen", mee d'Schoul krut vun eis „alles wat se gebraucht huet" fir eng modern Schoul kënnen ze sinn an dem Enseignement fondamental haut an engem digitalen Zäitalter kënne gerecht ze ginn. Dëst ass e Prozess an duerfir ass et wichteg dass och deen neie Gemengerot vun Ufank un op dëser Schinn bleift!

Eng weider Bréck déi huet missten nei gebaut ginn, war déi zu eisem Gemengepersonal. Bei enger Gemeng déi an de leschte 15 Joer esou gewuess ass wéi d'Gemeng Fëschbech an donieft just 11 Leit Personal huet, däerf et net um Equipement feelen. Eng kleng Equipe ka just gutt funktionéiere wann sech ausgetosch gëtt an dat richtegt Material op der richteger Plaz ass.

Och hei huet de Schäfferot sech zanter 2017 reegelméisseg mat de responsabele Mataarbechter un een Dësch gesat, de Fuer- a Materialpark, grad wéi den informateschen Equipement gouf der Zäit no ugepasst. Als Gemengen-Responsabel vun enger klenger Gemeng kann ee frou sinn eng Majoritéit vu Mataarbechter ze hunn déi esou kompetent, flexibel an disponibel ass wéi an eiser Equipe. Sie droen domat wesentlech zum Fonctionnement vum Gemengeliewen an zur Reussite vun der Gemeng Fëschbech hire Projets bäi.

Nieft de groussen Dossiers wéi den allgemenge Bebauungsplang (PAG), dem interkommunale Waasserreseau mat de Gemenge Fiels an Noumer, de Kläranlagen zu Fëschbech an zu Angelsbierg, der Ausschaffung vum PAP-Nouveau Quartier „um Bëchel" zu Angelsbierg, der Verbesserung vun der Verkéierssécherheet an eiser Gemeng, fir just dës ze nennen, hate mir och zu allem Iwwerfloss eis Hänn voll ze dinn mat der Bewältegung vun der CORONA-Pandemie an eise Strukture Schoul, Maison Relais a Crèche. Och d'Oprechterhale vun eise Servicer op der Gemeng war an der Covid-Zäit kee Cadeau. Den Hebergement vun ukrainesche Flüchtlinge gouf donieft zu engem Challenge, ma mir si frou dass Sie och haut nach bei eis an der Gemeng e séchert Doheem hunn.

Eise Schäfferot ass nieft dëser gemaachener Aarbecht houfreg och eiser Jugend elo am Mee e renovéierte Clubsall a Form vun der „aler Molkerei" zu Schous kënnen zur Verfügung ze stellen. E Projet dee vun Ufank un um Schäfferot sengem Fändel stoung, deen awer net ëmmer unanime am Gemengerot gedroe gouf. Fir dëse Veräin, de Club des Jeunes, deen zanter 1980 an eiser Gemeng existéiert, an dee fir vill Jonker aus a ronderëm eiser Gemeng eng Ulafstell an eng wichteg Tëschenetapp Richtung „Erwuesse ginn" ass, gouf et elo héich Zäit eppes ze ënnerhuelen.

All dës Beispiller weisen dass an a ronderëm eis Gemeng genuch Aarbecht war an ass. All d'Aarbecht wäert ni gemaach sinn. Déi gutt interkommunal Zesummenaarbecht mat de Gemenge Fiels an Noumer am Kader vum FiLaNo Sportsyndikat oder dem interkommunalen Drénkwaasserreseau, grad wéi d'Zesummenaarbecht mat Hiefenech, der Fiels a Jonglënster am Comité de prévoyance de sécurité, grad wéi d'Kooperatiounen tëscht de Gemengen-Servicer am Kader vun den Héichwaasser Evenementer zu Miersch, an der Fiels oder zu Noumer, hunn eis als Gemeng Fëschbech awer erëm bestätegt wéi gutt Gemengen, och ouni ze fusionéiere, kënnen ënnert enee funktionéieren a bestoen.

Perséinlech wëll ech no 12 Joer Gemengepolitik elo eng Auszäit huelen. Ech profitéieren duerfir vun dësem leschte Virwuert fir Iech Merci ze soen, och am Numm vum Schäfferot, fir Äert Vertrauen an Är Kooperatioun an der Zäit, a fir Äert Versteesdemech fir déi Decisiounen déi villäicht net ëmmer no jidderengem sengem Goût waren, mee sécher am Interêt vun eiser Gemeng geholl goufen. E grousse Merci vu menger Säit geet och un eist Gemengepersonal op déi ëmmer Verlooss ass, d'Kolleegen aus dem Schäfferot, meng Famill an all déi wou eise Schäfferot an eis Gemeng an der leschter Mandats Period gestäerkt an ënnerstëtzt hunn.

Ech wënschen Iech all déi richteg Decisioun bei den nächste Walen, zum Wuel vun eiser Gemeng, an dem neie Gemengerot elo schonn eng glécklech Hand.

*fir de Schäfferot,*
*Fränk DAEMS*
*Buergermeeschter*





# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 12 janvier 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, TRAUSCH Claude
OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent - conseillers

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Affaire du personnel: nomination d'un fonctionnaire-stagiaire dans la carrière B1.
2. Le conseil se rallie intégralement à l'avis du syndicat intercommunal SYVICOL au sujet du projet PDAT2023 en le complétant par ses propres considérations et réflexions.
3. Le conseil approuve le devis présenté par le Service régional Nord de l'Administration des services techniques de l'agriculture relatif aux travaux de remise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Seitert » à Fischbach, au montant de 222.222,22 € hTVA.
4. A sept voix contre une (M. P. Brosius), le conseil approuve le devis supplémentaire pour la remise en état du bâtiment « Al Molkerei » à Schoos et s'élevant à 60.000 € ttc.
5. Le conseil approuve le décompte relatif à la construction de maison relais à Angelsberg avec une dépense totale de 7.897.034,48 €. Les subsides engagés s'élèvent à 3.003.756,85 €.
6. Le conseil ratifie l'acte de cession gratuite de 2 parcelles cadastrales section E d'Angelsberg sous les n° 27/1586 (1 ca) et 27/1587 (6 ca), lieu-dit « rue de l'Église » place voirie, signé entre la société CIALUX S.à r.l. de Senningerberg et la commune de Fischbach.
7. Le conseil approuve l'avenant à la convention initiale Pacte Logement 2.0.
8. Le conseil approuve le contrat de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen, de Fischbach ayant pour objet un remplacement dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.
9. Le conseil approuve les titres de recettes portant sur un montant de 21 523,04 €.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. Personalsaachen: Et gouf ee Fonctionnaire-Stagiäre an der Carrière B1 genannt.
2. De Schäfferot stëmmt dem Avis vum interkomunale Syndikat SYVICOL zum Thema vum Projet PDAT2023 zou an ergänzt dësen Avis mat sengen Iwwerleeungen a Gedankegäng.
3. De Gemengerot stëmmt den Devis vum Service Regional Norden vun der ASTA fir d'Fléckaarbechten um Feldwee "Seitert" zu Fëschbech, an Héicht vun 222.222,22 € ouni TVA.
4. Mat 7 Stëmmen géint 1 (Här P. Brosius) stëmmt de Gemengerot en zousätzleche Devis fir d'Renovéierung vun der "Aler Molkerei" zu Schous fir 60.000.- inklusiv TVA.
5. De Gemengerot stëmmt den Dekont vum Bau vun der Maison Relais zu Angelsbierg mat Gesamtausgaben vu 7.897.034,48 € an engagéierte Subventiounen vun 3.003.756,85 €.
6. De Gemengerot entscheet, den Akt bei deem d'Firma CIALUX S.à r.l., vu Sennengerbierg 2 Kadaster Parzellen (Sektioun E vun Angelsbierg ënner den Nummeren 27/1586 (1 ca) an 27/1587 (6 ca) op der Plaz genannt "rue de l'Eglise" Place voirie, der Gemeng gratis iwwerléisst gutt ze heeschen.
7. De Gemengerot stëmmt Ännerung vun der Konventioun vum Pacte Logement 2.0.
8. De Gemengerot stëmmt dem Aarbechtsvertrag mat der Mme Sandra Vaessen vu Fëschbech fir am Schoulbus als Ersatzbegleeder ze schaffen zou.
9. De Gemengerot genehmegt Einnamen fir eng Zomm vun 21.523,04.



## Séance publique du conseil communal du 23 février 2023

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre ;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins ;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel,
OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent - conseillers

Excusé: TRAUSCH Claude – conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Le conseil approuve les titres de recettes portant sur un montant de 769.307,79 €.
2. Avec 7 voix et une abstention (M. Sven Bettendorf), le conseil approuve le morcellement de la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Fischbach, section E d'Angelsberg sous le numéro 50/1442, d'une superficie totale de 18a59ca
3. Le conseil approuve un contrat d'ingénieur avec le bureau d'ingénieurs-conseils Daedalus Engineering de Heffingen pour la mission d'ingénieur civil dans le cadre du renouvellement de la source « Débicht » à Fischbach.
4. Le conseil approuve un crédit extraordinaire de 75.000 € pour la pose d'une nouvelle conduite d'eau entre Fischbach et Schoos.
5. Le conseil approuve un contrat d'ingénieur avec le bureau d'ingénieurs-conseils Daedalus Engineering de Heffingen pour la mission d'ingénieur civil dans le cadre du renouvellement de la conduite de refoulement entre le réservoir d'eau potable « Schoos » et la source « Débicht ».
6. Le conseil approuve le contrat de fourniture avec la Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch S.A. pour les besoins du Veräinshaus op der Héicht.
7. Le conseil confirme le règlement de circulation temporaire d'urgence en matière de la circulation à Schoos dans la rue du Puits.
8. Le conseil arrête un règlement de circulation avec effet temporaire sur le chemin repris CR120 à Schoos.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot genehmegt Einnamen fir eng Zomm vun 21.523,04 €.
2. De Rot stëmmt mat 7 Stëmmen an 1 Enthalung (Här Sven Bettendorf) zou fir d'Kadaster Parzell, Sektioun E vun Angelsberg mat der Nummer 50/1442, mat enger Gesamtfläch vun 18a59ca. nei opzedeelen.
3. De Gemengerot stëmmt en Ingenieurskontrakt mat dem Bureau Daedalus Engineering vun Hiefenech fir d'Missioun als Bauingenieur bei der Erneierung vun der Quell "Débicht" zu Fëschbech.
4. De Gemengerot heescht en ausseruerdentleche Kredit vu 75.000 € gutt, fir d'Leie vun enger neier Waasserleitung tëscht Fëschbech a Schoos.
5. De Gemengerot stëmmt en Ingenieurskontrakt mat dem Bureau Daedalus Engineering vun Hiefenech fir d'Missioun als Bauingenieur bei der Erneierung vun der Drockleitung tëscht dem Drénkwaasserreservoir "Schoos" an der Quell "Debicht".
6. De Rot stëmmt de Vertrag mat der Brasserie de Luxembourg Mousel-Diekirch S.A. fir de Comptoire vum Veräinshaus op der Héicht.
7. De Gemengerot bestätegt en urgent Verkéiersreglement zu Schoos an der Rue du Puits.
8. De Gemengerot hëlt en temporairt Verkéiersreglement fir den CR120 zu Schous un.

9. Le conseil décide de reclasser une carrière de salarié à tâche manuelle de la carrière C en la carrière E.

10. Le conseil décide de procéder à une réattribution du congé politique supplémentaire comme suit:

- 2 heures par semaine à Monsieur Fränk Daems,
- 3 heures par semaine à Monsieur Brosius Lucien,
- 2 heures par semaine à Monsieur Bettendorf Sven,
- 2 heures par semaine à Monsieur Patrick Grotz.

11. Affaires du personnel: Le conseil approuve la démission d'un fonctionnaire dans la carrière B1 pour faire valoir ses droits à la retraite. De même il approuve la démission d'un fonctionnaire stagiaire dans la carrière B1.

9. De Gemengerot entscheet e Posten als Gemengenaarbechter vun der Carrière op d'Carrière E ëmzeklasséieren.

10. De Gemengerot entscheet den zousätzleche politesche Congé wéi follegt ëm ze verdeelen:

- 2 Stonnen pro Woch dem Här Fränk Daems,
- 3 Stonnen pro Woch dem Här Brosius Lucien,
- 2 Stonnen pro Woch un den Här Bettendorf Sven,
- 2 Stonnen pro Woch un den Här Patrick Grotz.

11. Personalsaachen: de Gemengerot stëmmt enger Demande vun engem Fonctionnaire aus der Carrière B1 fir an d'Pensioun kënnen ze goen zou. Och gëtt eng Démissioun vun engem Fonctionnaire-stagiaire gutt geheescht.

8

# Avis au public

## LOTISSEMENT DE TERRAINS

Le conseil communal de la commune de Fischbach a délibéré, conformément a la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, article 29 (1) paragraphes 4 et 5, sur les demandes de lotissement de terrains comme suit:

| Date de la séance | Demande introduite par | Section cadastrale | N° des parcelles | Adresse | Nombre de lots décision | Décision |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 22.09.2022 | M. Sylvain Fischbach | E d'Angelsberg | 446/1108 | 17, rue de l'Église | 1 -> 2 | approuvé |
| 23.02.2023 | M. Jean-Baptiste Tholl | E d'Angelsberg | 50/1442 | 4, rue de l'École | 1 -> 2 | approuvé |


Lesdites délibérations ont été publiées et affichées en bonne et due forme aux endroits usités.



## NATIONALITÉS
(situation au 15.03.2023)

| | | |
|---|---|---|
| 1 | albanaise | 8 |
| 2 | algérienne | 2 |
| 3 | allemande | 29 |
| 4 | apatride | 1 |
| 5 | autrichienne | 3 |
| 6 | belge | 36 |
| 7 | bosnienne | 1 |
| 8 | britannique | 7 |
| 9 | brésilienne | 2 |
| 10 | camerounaise | 1 |
| 11 | cap-verdienne | 2 |
| 12 | colombienne | 2 |
| 13 | danoise | 3 |
| 14 | espagnole | 11 |
| 15 | française | 30 |
| 16 | grecque | 3 |
| 17 | italienne | 12 |
| 18 | japonaise | 1 |
| 19 | kosovare | 1 |
| 20 | libanaise | 1 |
| 21 | luxembourgeoise | 907 |
| 22 | maltaise | 1 |
| 23 | marocaine | 2 |
| 24 | néerlandaise | 16 |
| 25 | philippine | 1 |
| 26 | polonaise | 13 |
| 27 | portugaise | 168 |
| 28 | russe | 3 |
| 29 | slovaque | 2 |
| 30 | slovène | 1 |
| 31 | sud-africaine | 1 |
| 32 | syrienne | 1 |
| 33 | tchèque | 1 |
| 34 | thaïlandaise | 1 |
| 35 | turque | 1 |
| 36 | ukrainienne | 31 |
| 37 | vietnamienne | 1 |

## HABITANTS PYRAMIDE
(situation au 10.03.2023)




## ETAT CIVIL
(situation au 31.12.2022)

| Naissances | | Mariages | | Partenariats | | Décès | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Femmes | 7 | Femmes | 4 | Femmes | 8 | Femmes | 3 |
| Hommes | 7 | Hommes | 4 | Hommes | 8 | Hommes | 2 |

GEMENG

9

## LOCALITÉS
(situation au 15.03.2023)

| | | |
|---|---|---|
| 1 | Angelsberg | 493 |
| 2 | Fischbach | 420 |
| 3 | Koedange | 9 |
| 4 | Schiltzberg | 16 |
| 5 | Schoos | 355 |
| 6 | Stuppicht | 4 |
| 7 | Weyer | 10 |
| | TOTAL | 1.307 |

## POPULATION
(situation au 31.12.2022)

| Année | Habitants |
|---|---|
| 31/12/2014 | 1.161 |
| 31/12/2015 | 1.195 |
| 31/12/2016 | 1.194 |
| 31/12/2017 | 1.236 |
| 31/12/2018 | 1.241 |
| 31/12/2019 | 1.213 |
| 31/12/2020 | 1.239 |
| 31/12/2021 | 1.258 |
| 31/12/2022 | 1.309 |

## MOUVEMENTS DE LA POPULATION
(situation au 31.12.2022)

| Départ (hors décès) | | Déménagements dans la commune | | Arrivée (hors naissances) | |
|---|---|---|---|---|---|
| Femmes | 44 | Femmes | 8 | Femmes | 65 |
| Hommes | 38 | Hommes | 13 | Hommes | 72 |
| TOTAL | 82 | | 21 | | 137 |

# Die Briefwahl anlässlich der Gemeindewahlen vom Sonntag, den 11. Juni 2023

Anlässlich der Gemeindewahlen am Sonntag den 11. Juni 2023, sind die luxemburgischen Wähler sowie die ausländischen Mitbürger, welche im Wählerverzeichnis eingetragen sind, zur Briefwahl zugelassen.

Jeder Einwohner, der zur Briefwahl zugelassen werden will, muss dies dem Schöffenrat der Gemeinde Fischbach schriftlich mitteilen, und somit sein Einberufungsschreiben anfordern. Die Anfrage wird mittels eines einfachen Briefes oder anhand eines bei der Gemeindeverwaltung Fischbach erhältlichen Vordrucks gestellt. Die Anfrage muss den Namen und Vornamen, Geburtsdatum und -ort, die Adresse des Antragstellers enthalten, sowie die Adresse an welche das Einberufungsschreiben und die Stimmzettel geschickt werden sollen. Der Vordruck ist auch auf der Internetseite www.acfischbach.lu erhältlich, oder kann über die E-Mail-Adresse elections@acfischbach.lu beantragt werden.

Elektronische Anträge können auch über das Portal „MyGuichet.lu“ eingereicht werden.

**Der Antrag muss dem Schöffenrat der Gemeinde Fischbach zwischen dem 20. März 2023 und spätestens dem:**

- **02. Mai, falls der Wahlumschlag ins Ausland zugestellt werden muss**
- **17. Mai, falls der Wahlumschlag innerhalb Luxemburg zugestellt werden muss.**

**Anträge welche nicht in diesem Zeitraum eingereicht werden, sind ungültig.**

Wenn der Antragsteller die erforderlichen Bedingungen erfüllt, stellt der Schöffenrat ihm spätestens Freitag den 12. Mai (für alle Zustellungen ins Ausland), gegebenenfalls spätestens Samstag den 27. Mai (für alle Zustellungen innerhalb Luxemburgs) sein Einberufungsschreiben, die Anweisungen an den Wähler, einen neutralen Wahlumschlag, einen Wahlzettel sowie einen Rückumschlag, zu. Der Rückumschlag enthält die genaue Anschrift des Wahlbüros und muss diesem bis spätestens dem 11. Juni 2023 zugestellt werden, und den neutralen Wahlumschlag mit Wahlzettel enthalten.

Für weitere Informationen steht Ihnen die Gemeinde gerne zur Verfügung oder schicken Sie Ihr Anliegen an elections@acfischbach.lu.



**Administration communale de Fischbach**
1, rue de l'Eglise L-7430 Fischbach
Tel. : 32 70 84 – 1 www.acfischbach.lu
commune@acfischbach.lu

KlimaPakt Meng Gemeng engagéiert sech
NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech
PacteLogement

Gemeng Fëschbech

# Le vote par correspondance lors des élections communales du dimanche 11 juin 2023

Lors des élections communales du dimanche 11 juin 2023, les électeurs luxembourgeois ainsi que les ressortissants non luxembourgeois, étant inscrits sur la liste électorale pour les élections communales, sont admis au vote par correspondance sur simple demande.

Tout électeur, qui veut être admis au vote par correspondance, doit en aviser le collège échevinal de la commune de Fischbach et demander par simple lettre à la poste sa lettre de convocation. La demande est faite sur papier libre ou sur un formulaire pré imprimé disponible auprès de l'administration communale de Fischbach et doit indiquer les noms, prénoms, date et lieu de naissance et domicile de l'électeur, ainsi que l'adresse à laquelle doit être envoyée la lettre de convocation et le bulletin de vote. Le formulaire se trouve aussi sur le site internet www.acfischbach.lu ou peut être demandé en envoyant un message à elections@acfischbach.lu.

La demande peut également être faite par le biais d'un formulaire électronique mis à disposition sur le portail « MyGuichet.lu ».

**La demande de vote par correspondance doit parvenir, sous peine de déchéance, au collège échevinal de la commune de Fischbach au plus tôt le 20 mars 2023 et, au plus tard :**

- **le 02 mai, si le bulletin de vote doit être envoyé à une adresse se situant à l'étranger**
- **le 17 mai, si le bulletin de vote doit être envoyé à une adresse se situant au Grand- Duché de Luxembourg.**

Si le requérant remplit les conditions de l'électorat, le collège des bourgmestre et échevins lui envoie au plus tard le vendredi 12 mai (pour les envois en dehors du Grand-Duché), respectivement au plus tard le samedi 27 mai (pour les envois au Grand-Duché), la lettre de convocation comprenant les instructions, une enveloppe électorale, un bulletin de vote dûment estampillé ainsi qu'une enveloppe pour la transmission de l'enveloppe électorale avec indication de l'adresse du bureau électoral auquel l'électeur doit renvoyer le bulletin de vote pour le 11 juin 2023 au plus tard.

Pour tout renseignement supplémentaire, nous vous prions de bien vouloir vous adresser à votre administration communale ou veuillez envoyer un message à elections@acfischbach.lu.

**Administration communale de Fischbach**
1, rue de l'Eglise L-7430 Fischbach
Tel. : 32 70 84 – 1 www.acfischbach.lu
commune@acfischbach.lu

KlimaPakt Meng Gemeng engagéiert sech
NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech
PacteLogement

… pour tous!

**Envie d'améliorer vos connaissances en luxembourgeois, français et allemand ?**
**Envie de mieux connaitre la région Mullerthal ?**
**Allez sur *www.lingolux.lu***

Il existe de nombreuses associations, organisations qui proposent des cours de langues. Mais force est de constater que même s'il y a une grande offre d'apprentissage, celle-ci est plus limitée en matière de mise en pratique des acquis.

De même, on constate une grande curiosité de la part des participants aux cours de langues pour aller au-delà de l'apprentissage de la langue et découvrir la culture et le patrimoine qui l'entoure.

C'est dans ce contexte, que le MEC asbl a procédé, le Jeudi 27 octobre 2022 au Trifolion à Echternach, au lancement de sa plateforme digitale qui associe la pratique des langues luxembourgeoise, française, allemande et la découverte de la région Mullerthal: LinGoLux.

A travers 3 quiz qui interrogent sur la grammaire, la conjugaison, le vocabulaire des langues usuelles du pays et la nature, la culture, la géographie, l'histoire des 14 communes de la région Mullerthal, le participant améliore ainsi ses connaissances tout en s'amusant.

Au fil des multiples questions et réponses qui ont été élaborées, il essaie de collectionner les emblèmes de la région et ainsi reconstituer la carte du Mullerthal.

LinGoLux est disponible sur tablette, ordinateur et smartphone. Il a été financé par le ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région.

Bon amusement !



Mouvement pour l'Egalité des Chances pour Tous – MEC asbl
9 rue André Duchscher L- 6434 Echternach
Tél: 26 72 00 35/ 621 66 92 12
www.mecasbl.lu  info@mecasbl.lu
BGL BNP Paribas LU96 0030 1135 6007 0000
R.C.S Luxembourg F414



# „Sécher ënnerwee a menger Gemeng"

08.02.2023 **SCHOUS**

**Zanter Ufank vu senger Mandatsperiod am November 2017 war de Schäffen- a Gemengerot beméit fir d'Sécherheet op eise Foussgängerweeër, Foussgängersträifen, Trottoiren a Gemengestroosse grad wéi ronderëm d'Angsber Schoul ze verbesseren. Villes konnt an de leschte 5 Joer ëmgesat ginn an eng Rei Mesurë stinn och nach an der Planung.**

D'Verkéierssécherheet an d'Mobilitéit ass awer een éiwege Prozess, an duerfir hat de Schäfferot och dem Büro Luxplan eng Etude an Optrag gi fir d'Ist-Situatioun punkto Mobilitéit an der Gemeng z'analyséieren. Eng Online-Ëmfro plus Info-Owend mat Workshop den 8. Februar „op der Héicht" fir all interesséiert Matbiergerinnen a Matbierger war och Deel vun däser Etude.

Aktuell ginn d'Resultater vun der Etude bei Luxplan ausgewäert, d'Analyse gëtt dem Grand-Public duerno an engem weideren Info-Owend presentéiert. Uschléissend ass et un de politesche Responsabelen ofzeweie wéi eng Mesuren, Iddien a Wënsch ëmsetzbar sinn, wat esouwuel vun de budgetäre Moyens vun der Gemeng wéi och vum reglementairen a gesetzleche Kader ofhängeg ass. Hei spillen d'Ministère vum Interieur, Environnement an Transport (Ponts & Chaussées) eng grouss Roll.

Eng Rei Leit aus eiser Gemeng hu sech online un der Etude wéi och physesch um Info- a Workshop Owend bedeelegt. Och wann et prozentual par Rapport zu eiser Populatioun gesinn net wierklech vill Leit waren, esou war bei hinnen den Interêt an d'Bereetschaft fir matzeschaffen awer grouss.

Vum Schäffen- a Gemengerot duerfir e grousse Merci un all déi wou Deel geholl hunn an Affär à suivre!

*fir de Schäffen- a Gemengerot*
*Fränk DAEMS, Buergermeeschter*














# ÉCONOMIES D'ÉNERGIE : NOTRE COMMUNE PARTICIPE !




## UN KIT D'ÉCONOMIE D'ÉNERGIE GRATUIT VOUS ATTEND EN ÉCHANGE DE CE BON : VENEZ VITE LE CHERCHER !

Enovos, avec son programme d'efficacité énergétique enoprimes, est partenaire de notre commune pour vous aider à économiser de l'énergie.

Grâce à ce kit, vous pourrez économiser : jusqu'à 59 m³ d'eau, 3 706 kWh de consommation d'énergie et 329 kg de $CO_2$ chaque année*.

**LE KIT D'ÉCONOMIE D'ÉNERGIE COMPREND :**

- Deux aérateurs pour robinet
- Un régulateur de débit de douche
- Un sac débitmètre
- Un sablier de douche
- Trois ampoules de type LED
- Un thermomètre d'ambiance
- Un rouleau de joint isolant pour portes et fenêtres
- Un bas de porte adhésif

Rendez-vous à l'Administration Communale de Fischbach avec ce bon

**Adresse :** 1, rue de l'Eglise, L-7430 Fischbach
**Heures d'ouverture :** Jeudi 8:30-11:30 sans rendez-vous, les autres jours uniquement sur rendez-vous de 8:30-11:30

Nom/Prénom ______________________

Adresse ______________________

SIGNATURE

On a tous le pouvoir de faire des économies d'énergie.
**Rejoignez le mouvement : lets-save-energy.lu**

**enoprimes** un programme qui vous soutient financièrement dans vos travaux de rénovation : **enoprimes.lu**

En signant ce formulaire, le bénéficiaire du kit reconnaît le rôle actif et incitatif d'Enovos Luxembourg S.A. à économiser de l'énergie. Le Bénéficiaire accepte de transférer le droit de comptabiliser les économies d'énergie réalisées dans le cadre de cette opération à Enovos Luxembourg S.A. et s'engage à ne pas transférer par la suite les mêmes économies d'énergie à un tiers. Ce kit fait l'objet d'un financement par Enovos Luxembourg S.A. dans le cadre du mécanisme d'obligations en matière d'efficacité énergétique. Un kit par foyer situé au Grand-Duché du Luxembourg, dans la limite des stocks disponibles à la commune participante. Seuls les bons originaux dûment complétés et signés seront acceptés. La politique de confidentialité sur enoprimes.lu s'applique. *Correspond à une consommation moyenne d'un foyer de 4 personnes.

zesumme spueren
ZESUMMENHALEN

enovos

# Aweihung vum Fligerdenkmal zu Schous

24.02.2023 **SCHOUS**

**Freides moies, den 24. Februar 2023 hat eis Gemeng héiche Besuch. Den amerikaneschen Botschafter, den Thomas M. Barrett, huet et sech net huele gelooss fir mat de Gemengeautoritéiten eng Gedenkplack am Ollergronn anzeweihen wou am Krich een amerikaneschen Pilot, den Donald H. Huff, verongléckt war.**

Fir des Feier hunn eng Partie Leit aus der Gemeng, Vertrieder vum Cercle d'Etudes de la Bataille des Ardennes, Memberen vun der Famill Kohn, awer och d'Schoulkanner mam Léierpersonal vum Cycle 4 de Wee op Schous fonnt. De entretemps verstuerwenen Camille Kohn hat nach no Joeren Stécker vum Flieger fonnt an d'Madame Kohn huet de Buergermeeschter kontaktéiert fir der Gemeng di Stécker ze iwwerloossen.

Wéi de Charel Thilgen, Éierebuergermeeschter vu Schous, seng Erennerungen vun demols erzielt huet, ass et ganz roueg am Sall ginn an jiddereen huet him gespaant nogelauschtert.









François Thilgen

*"Ech sinn nach e raren Zäitzeien deen zu dem trauregen Evenement eppes ze ziele weess. Ech war demols 6 Joer al, an vu mengem Bruddder , 10 Joer méi al, krut ech genee erzielt, an dat méi wéi 2x, wéi dat sech zougedroen huet bei dem Crash am Ollergronn.*

*Fir hien war den Zäitpunkt sou ugangs März , wann net eventuell bessen éischter. Déi Kalennerausso war och fir hien net a Stee gemeeselt. (...) Hien ass dien Dag mat engem Päerd vum Rolléngerbierg komm. Kuerz virum Duerf, et war scho méi am spéiden Nometteg, koum vun der Säit erbäi, Loftlinn Jonglenster e Flieger, mat enger rouder Nues, den zolidd gedämpt huet, a scho relatif niddreg geflunn ass. En ass dunn iwwert den Haiser vum ieweschten Duerf verschwonnen a Richtung Ollergronn, well do war e gréisseren fräien Wisekomplex, ideal fir eng Noutlandung!*

*An net wäit vun der Ollerwiss ewech war nach eng amerikanesch Unitéit an enger Radarstatioun stationéiert. Déi Radarstatioun, op der Schéisser Héicht, vis-à-vis vum Wasserbasséng, hat am Volleksmond den Numm "op der Héicht - bei der Kuerbel", bedéngt duerch hir Form, dee grousse Schiirm.*

*Et läit no, datt de Pilot nach Funkkontakt mat der Unitéit hat, an doduerch déi Plaz an der Ollerwiss rausgesicht gouf? Dun ass awer eppes ganz Schreckleches geschitt! Virun der Wiss ass een Hiwel. Do stong eng jonk Eech. De Fliger huet déi geroden, ass aus der Bunn gehäit ginn, fir dunn mat vollem Karracho um Buedem opzeschloen, an duerch de Coup ass de Fliger zum Deel nees den Hiwel rofgefall.*

*Kaum doheem mam Päerd, ass mäi Brudder een zock op d'Ongléckplaz gelaf wou schon alles vun den Amerikaner ofgeséchert war an de Fliger huet scho lichterloh gebrannt. Do stungen och schon Duerfleit ze kucken, ennert hinn e gudde Frend vu mengem Brudder, de Josy Bück (Joergang 1922), deen him sot, wéi d'Amerikaner mat de Jeepen duerch d'Wiss gerannt koumen a versicht hunn d'Pilotekabin opzekréien. Awer emsoss...an sou ass dee Mann lieweg verbrannt, sollt hien dee Moment nach geliewt hunn. (...)*

*Vu kenger Gendarmeriestatioun gouf zu der Zäit e Rapport verfaasst, wuel awer vun den Amerikaner. Mäi Brudder huet mer och gezielt, datt de verbrannten Kierper net schon den aneren Dag, awer réischt no 2 Deeg gebuerge ginn ass an ofgetransportéiert gouf.*

*Souwäit meng Erennerungen un de schrecklechen Deel. Dat duerf nie vergiess ginn!*

*Ech hat och bis haut markant Erennerungsstécker vun diem Flieger doheem, déi awer elo am Besetz vun der Gemeng sinn.*

*Den zerstéierte Flieger huet jo awer misst weg geholl ginn och wann mir Bouwen eng nei Spillplaz entdeckt haten, an dacks do aus an agekroch sinn. Och de Bauer, den d'Wiss gepacht hat, war schon an der Suerg. Den Zonk huet misst erneiert ginn an d'Wiss huet misse gebotzt ginn. Dee Wrack ass a Stécker zerluegt ginn fir ofzetransportéiren. A fir dei Aarbecht vum Zerleen hat mer zu Schous eng Baureschmett, déi gouf bedriwwen vun zwee Bridder, gestane Männer: de Petze Jos an de Petze Jhemp. Vun engem vun de Rieder, wat nach relativ manner beschiedegt war, huet de Jhemp den zoliddde Pneu vun der Felg erof gegarrelt. Vum Schlauch bannendran huet hie sech Brettellen gebastelt. Ech hunn de Mann a gudder Erennerung mat denen schéine rouden Gummisbrettellen."*



1st. Lt. Donald H. Huff







Nom Charel Thilgen sengem Témoignage huet de Adjutant Major John Derneden nach weider Informatiounen zum Fligercrash ginn. Méi Détailer iwert de Pilot, d'Ongléck an dem Adjutant Major John Derneden senge Recherchen fannt Dir op der Homepage vun der Gemeng Fëschbech, oder duerch d'Scannen vum QR-Code op der Onglécksplaz am Ollergronn.

No der Zeremonie am Veräinshaus sinn d'Leit all zesummen an den Ollergronn getreppelt wou d'Monument duerch den Thomas M. Barrett an de Schäffenrot ageweiht gouf, begleed vun enger Déléguatioun vun der Militärmusek an enger Éiregarde vun der letzebuerger Arméi. De Felix Steichen huet d'Monument och geseent.

Sëch erënneren an déi schlëmm Zäit vun der Besatzung net vergiessen, daat ass de Message deen d'Gemeng Fëschbech duerch d'Erschaafen vun dëser Gedenkplaz wëll no baussen droen.





| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

















# Gemengeniessen

**03.02.2023 SCHOUS**



Den 03.02.2023 war rëm dat traditionellt Gemengeniessen, dëst Joer an e bësse méi enger gemittlecher Atmosphär mat „Walking Diner", op der Héicht am Veräinshaus. Och wann de Buergermeeschter Corona bedéngt leider net konnt derbäi sinn, konnte mir awer all deene Leit Merci soen, déi Dag vir Dag fir e gutt Fonctionnement vun eiser Gemeng suergen.

*Fir de Schäfferot,*
*Patrick GROTZ*









| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

















# UGDA
## Diplomiwwerreechung – Schouljoer 2021/2022

26.02.2023

**De 26. Februar 2023 huet d'UGDA (Union Grand-Duc Adolphe) Museksschoul op d'Remise Officielle des diplômes de l'année scolaire 2021/2022 op Luerenzweiler invitéiert.**

537 Schüler, aus 54 Gemengen an aus 3 interkommunale Syndikater, déi am Schouljoer 21/22 d'Musekscoursen iwwert d'UGDA absolvéiert hunn, hunn sech hiren « certificat de la division inférieure et de la division moyenne » an der formation musicale an/oder hiren «diplôme de la 1ièremention» respektiv hiren «diplôme de la division moyenne» an de Beräicher Instrumental a Gesang erschafft.

Aus der Fielser Musekssсhoul, wou d'Gemeng Fëschbech nieft de Gemenge Fiels, Noumer an Hiefenech konventionéiert ass, krute 16 Schüler hiren Diplom, dorënner och d'Kathi Vaessen vu Fëschbech.

D'Diplomer goufe wéi ëmmer vun de Buergermeeschteren oder de Vertrieder aus de respektive Gemengen iwwerreecht.

Felicitatioune Kathi fir däi gutt Resultat, a bleif weider passionéiert.

*Fränk DAEMS*
*Buergermeeschter*



*Photo: J.M."Lupo" Ludowicy - lupo.lu*



Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark

naturparkmellerdall
naturpark.lu
naturparke luxemburg



## Uebstbamschnëtt: Spaléierbeem

**12.7.**
**14:00 - 16:00**
**Angelsbierg**

mam Marc Thiel vum SIAS

**Präis: 5 € - LU, DE**

Fir vill a schéint Uebst ze kréie mussen och Spaléierbeem reegelméisseg a richteg geschnidde ginn.
Wéinst hirer spezieller Form ginn et hei eng Rëtsch Reegelen ze beuechten.
Wann Dir wësse wëllt, wéi dat geet, da weist de Marc Thiel vum SIAS Iech an dësem Cours op wat Dir musst oppassen!



**Umeldungen:**

@ info@naturpark-mellerdall.lu
+352 26 87 82 91


**Weider Infos:**

www.naturpark-mellerdall.lu
facebook.com/naturparkmellerdall

# Klimapaktdag

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech

**31.03.2023 MUNNEREF**




**D'Gemeng Fëschbech setzt sech aktiv fir de Klimaschutz an, an ass dowéinst och am Klimapakt vertrueden. D'Klimateam an Zesummenaarbecht mat der Klimaberoderin Carine Kolber vum Bureau Simon-Christiansen & Ass. hunn an de lëschte Jore gutt geschafft a konnten am neie Klimapakt 2.0, d'Stuf 2 (50%) erreechen. Am Klimapakt 2.0 si vill nei Theme bäikomm déi mer probéiert hunn ze opzeschaffen an esou beim lëschten Audit op 62,8% komm sinn an d'Stuf 3 (65%) leider esou just net erreecht hunn. Mee esou hu mer en Ziel virun Aen, bis zur nächster Certificatioun a mir hoffen dann d'Stuf 3 kennen z'erreechen.**

Den 31. Mäerz war zu Munneref de Klimapaktdag, deen all Joer vun der Klimaagence organiséiert gëtt. Hei konnte mir un verschiddene Workshoppen deelhuelen, eis mat Experten austauschen an déi nei Certificatioun aus den Hänn vun der Ministesch Welfring an dem Minister Turmes entgéint huelen.

Méi Infoen zum Thema Klimapakt fann der um Internetsite vun der Gemeng oder änner: *www.klima-agence.lu*

*De Klimaschäffen*
*Luss BROSIUS*







Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark


© Claudine Bossler

KIERFCHEN

**Kierfchen.lu – die neue Bongerten-Plattform**

- Für Streuobstwiesenbesitzer, Konsumenten, lokale Produzenten, Restaurants und Imker
- Umfasst Angebote und Nachfragen rundum Streuobst, Aktivitäten, Erntemaschinen und vielem mehr
- Interaktive Karte der Region Mëllerdall mit Anzeigen von Bietenden und Suchenden

**Kierfchen.lu – la nouvelle plateforme des vergers (en allemand)**

- Pour les propriétaires de prés-vergers, les consommateurs, les producteurs locaux, les restaurants et les apiculteurs
- Comprend les offres et les demandes de fruits, d'activités, de machines de récolte et bien plus encore
- Carte interactive de la région du Müllerthal avec des annonces d'offreurs et de demandeurs

NATURA 2000 COPIL Mëllerdall

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Website
Info

**www.geopark-mellerdall.lu**

naturparkmellerdall
naturpark.lu
Naturparke Luxemburg

# Léieren a beweegen am Bësch

**17.03.2023 ANGELSBIERG**

**Eng éducatif Bëschplaz fir eis Kanner, an dann och nach direkt virun der Dir. Wat gëtt et da méi Flottes wéi dat. Virun en etlech Joer huet d'Angsber Schoul et agefouert, fir ee Mol an der Woch mat deene Klengsten op eng Plaz am Bësch ze fueren, fir datt se do konnten an der Natur a mat der Natur léieren a sech entfalen. De Misär war just, datt déi Plaz zimmlech wäit vun der Schoul fort war an dofir huet ëmmer missen e Bus oder esouguer zwee organiséiert ginn, déi d'Gemeng och all Schouljoer eng Staang Geld kascht hunn. Och wann dann eppes dertëschent koum, waren d'Busser zwar bestallt, mee se konnten net gebraucht ginn.**

Dofir koum dem aktuelle Schäfferot 2017 d'Iddi fir no enger Plaz ze sichen, déi méi einfach a Kamoud ze erreechen an och nach méi gënschteg wär. Abee, se war séier fonnt a vun 2018 un gëtt se och scho genotzt. Viru Kuerzem konnt se souguer, grad zur Zäit fir déi gutt Saison, och ageweit ginn.

Duerch d'Ënnerstëtzung an den Accord vun de Famillje Weis an Damgé vun Angelsbierg ass dëse Projet Wierklechkeet ginn, hinnen duerfir e grousse Merci!

Zu Fouss kënnen d'Kanner elo gemittlech duerch d'Wiss tréppelen a scho si se op der Plaz. D'Gemeng huet di néideg Autorisatiounen no e bësse Fléiwen nach grad zur Zäit kritt fir kënnen d'Bëschplaz ze amenagéieren. Dozou gehéiert eng nei Holzhäip, wou ee kann am Dréchenen eppes ënnerstellen oder wou d'Kanner drop waarden, datt e Schluet laanscht geet. E klenge Weier, deen am Laf vun der Zäit verschlammt war, gouf mat Hëllef vun eisem Fierschter erëm fräigeluecht a mat Leem verdicht fir d'Waasser am Summer besser ze halen. D'Beem op a ronderëm d'Bëschplaz si beaarbecht ginn, fir datt se keng Äscht verléieren. A matten dran eng ronn Arena, déi mat Holzdiller ëmginn ass. Laanscht d'Bëschplaz leeft eng kléng Baach, d'Bieschbaach, awer nëmme wann et genuch gereent huet, well soss ass se dréchen.

Op jiddwer Fall huet d'Angsber Schoul an d'Maison Relais fir hir Kanner elo eng flott Plaz wou se kënnen onofhängeg an esou dacks wéi se wëllen an der fräier Natur léieren an natierlech och e bësse spillen.

*Frank WEYRICH*

















| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# Grouss Botz

## Ëmweltkommissioun

25.03.2023

**Wéi all Joer am Mäerz huet och dëst Joer erëm d'Grouss Botz vu Flouer a Gewan an der Gemeng Fëschbech mat ville Fräiwëllege stattfonnt.**

Ronn 70 kleng a grouss Fräiwëlleger ware sech net ze schuet op hirem fräie Samschdeg Mëtteg eng Pëtz an eng Tut an de Grapp ze huele fir eis Natur vu Béchsen, Fläschen, Plastik, Zigarettestëmp asw. ze befreien. D'Wieder huet mat vill Reen a Wand de Fräiwëllegen net an d'Kaarte gespillt, d'Natur allerdéngs huet duebel gelaacht a sech gefreet iwwert d'Botz an all Drëps Waasser!

Wéi ëmmer huet och eise Service technique vun der Gemeng, mam Laurent, Mike a Christophe, d'Aktioun kräfteg ënnerstëtzt.

Positiv iwwerrascht kann een um Ënn awer iwwert déi gesammelt Quantitéit sinn, eng 130kg koume beieneen, dat ass manner wéi d'Hallschent vum leschte Joer, an trotzdeem nach ëmmer vill ze vill. Sollt den Trend eventuell no ënne goen an de Mënsch tatsächlech méi verstänneg ginn? Nujee, loosse mir Holz upaken a léiwer mol eng „Grouss Botz 2024" aplangen.

No geleeschter Aarbecht bei dach éischter ongemittleche Konditiounen huet d'Emweltkommission Owes op e klenge Maufel an e gudde Patt an d'Veräinshaus invitéiert, offréiert vun der Gemeng. Wéi gewinnt ass hei den Dag a gemittlecher Atmosphär ausgeklongen.

Merci alle fläissegen Hänn déi deen Dag am Asaz waren a bis d'nächst Joer.

*fir d'Ëmweltkommissioun,*
*Fränk DAEMS*



Foto: Fränk Weyrich

# Uebstbeem schneiden

**Nodeems mer elo schonn eng ganz Partie Uebstbeem an deene leschte Joere geplanzt hunn, fänke mer och elo parallel mam Entretien vun deene Beem un, respektiv vun deenen ale Beem, déi nach an deene verschiddene Bongerte stinn.**

Aus deenen ale Beem gëtt de Mëspel an dat diirt Holz erausgeschnidden, an di jonk Beem kréien en zweete Bamschnëtt verpasst, nodeems se bei der Planzaktioun direkt schonn eemol geschnidde goufen. Leider sinn an deene leschten 2 Joer wéngst deene vill ze dréchene Summere vill al Uebstbeem futti gaang. Hei loosse mer awer d'Gerüst vum jeeweilege Bam nach e puer Joer stoen, well si oft Hielen opweisen, wou sech eng abberzuel vun Déieren dran ophalen (Fliedermais, wëll Beien, Steekauz, vill kleng Vullenarten). Déi Hiele gi gäre benotzt fir hiren Nowues opzezéien. Wann de Bam dann iergendwann eemol mat der Loft ëmfällt, gëtt en zu diem Zäitpunkt dann ersat.





Am Bongert bei der Schmëtt sinn iwwert de Projet „Natura 2000 verbindet" déi al an nei Uebstbeem alleguer geschnidde ginn. Et sinn der 39. Dës Aarbechte si vun enger qualifizéierter Firma duerchgefouert ginn, an zu 100 % iwwert de Budget vum Projet finanzéiert ginn. Dëst wor hei méiglech well die Bongert am Korridor vun enger Natura 2000 Zone läit.

Och zu Angelsbierg huet di selwecht Firma an engem Bongert bei 54 Uebstbeem sou Aarbechten duerchgefouert. An dësem Fall sinn d'Aarbechten zu 75 % iwwert Subside bezuelt ginn, an déi aner 25 % goufen iwwert eise Bongerteprojet vun der Gemeng finanzéiert.

*Oli MOLITOR*





| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# D'Schoulkanner planze Käschtebeem



**29.03.2023**

**Dëst Joer hu mir 20 Käschtebeem mat de Schoulkanner geplanzt. D'Bëschaarbechter hunn – wéi all Joer - am Virfeld nees mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut fir datt d'Wëld ( well mer hei am Bësch sinn ) - d'Beem net futti maache kënnen.**



Den 29. Mäerz 2023 hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir déi Beem ze planzen. Dëst wor de Cycle 4.2 matt de Jofferen Sarah Kolber an Katia Carvalho déi sech där Saach bei beschten Planzwieder ugeholl hunn, a si sinn souguer mam Vëlo bis bei eis komm fir beim Planze matzehëllefen. Nom ville Schaffe waren d'Kanner gutt hongreg a kruten nach e Stéck Kuch dien d'Sarah eis gebak hat (gaaaanz éisseg) an eppes ze drénken fir sech nees ze stäerken.

D'Begeeschterung bei de Kanner wor grouss, a si hu gutt mattgeschafft. Mir soe villmools Merci fir d'Hëllef!

*Oli MOLITOR*











# Aktivitéiten an der Schoul







WANTERMOIEN
















## Spillnomëtteg

**Wéi et schonn Traditioun an der Angsber Schoul ass, hu mir am Januar Elteren an d'Schoul invitéiert, fir een Nomëtteg laang mat de Kanner zesumme Gesellschaftsspiller ze spillen.**

Dësen Nomëtteg soll d'Kanner dozou bréngen, Spiller kennen ze léieren, an hir Freed doru mat heem ze huelen, fir do mat hiren Elteren zesummen Zäit bei engem Gesellschaftsspill ze verbréngen. Deen een oder aneren huet sech bestëmmt e flott, spannend oder witzegt Spill verhal, a freet sech, wann en d'Geleeënheet nach emol bei engem doheem kritt, fir et ze spillen. Merci all deenen Elteren, déi Zäit haten oder sech Zäit geholl hunn, fir dësen Nomëtteg an d'Schoul ze kommen.

















# Äispist

Mat Traditioune soll een net briechen. Esou hunn d'Cyclen 2, 3 a 4 vun der Angsber Schoul am Februar virun der Fuesvakanz wéi gewinnt e ganze Moien op der Beeforter Äispist verbruecht. No enger gudder Stonn oder méi Konschtwierker um Äis hunn d'Schüler an d'Jofferen sech an der Paus e gudde waarme Schocki schmaache gelooss. Merci der Gemeng fir d'integraalt Sponsere vun dësem Moien.







# SORTIE AN D'PHILHARMONIE

**Wéi ee mir näischt, dir näischt en Held ka ginn, gouf de Cycle 3 an der Philharmonie beim Stéck „Höchste Heldenbahn“ gewuer.**

En Holzbléiser mat enger Klarinett wëll sech engem Grupp vu 6 Blechbléiser uschléissen, gëtt awer am Ufank vun dëse verdriwwen. Iergendwann gëtt hien awer zum Held gekréint a mécht sech mat de Blechbléiser op de Wee, fir e Schatz ze fannen, deen si natierlech no enger ganzer Rei Hindernisser fannen. Dat Ganzt gëtt musikalesch vun hinne selwer ënnermoolt.

Mir hunn ee ganz flotte Moien an der Philharmonie verbruecht, a souguer de Wee dohinner war fir verschidde Kanner och spannend, well dës fir d'éischte Kéier de Funiculaire an der Stad geholl hunn.















# AUSFLUCH AN DE PARK SËNNESRÄICH













Wir haben Musik gemacht. Wir haben Salz und Zucker geschmeckt.

Wir waren in die Disco, da haben wir mit den Füßen Musik gemacht und dazu getanzt.

Wir waren in einem dunklen Raum und mussten eine Fernbedienung, eine Dusche, ein Sofa und eine Heizung suchen.

Wir haben Stationen mit Seifenblasen ausprobiert. Ich konnte in einer Seifenblase stehen.

Da war eine tolle Rutsche. Wir mussten mit Augenmasken durch einen Hindernisparcours gehen, das war sehr schwer.

Wir haben Memory gespielt. Da war ein Apparat mit Stäbchen, die heruntergefallen sind und wir mussten versuchen sie schnell zu fangen.

Wir haben mit Neonfarben unter Schwarzlicht gemalt. Da waren viele verschieden Spiegel: einer in dem man ganz groß aussah, einer in dem man ganz dick aussah. Wir mussten in Spiegelschrift schreiben.








# CODING AN DER ANGSBER SCHOUL




















# INTERVIEW MIT DEM FÖRSTER MIT DEM ZYKLUS 2

**Am 08.12.2022 haben wir, der Zyklus 2 aus der Angsber Schoul, den Förster in seiner Bude im Wald getroffen.**

Wir wollten den Beruf vom Förster kennenlernen. Wir haben ein Interview mit ihm gemacht und durften ihn alles, was uns interessierte, über seinen Beruf fragen. Er hat uns erklärt, dass die Ausbildung zum Förster 3 Jahre dauert. Leider haben wir herausgefunden, dass es dem Wald nicht gut geht, weil die Menschen Müll in den Wald werfen und wegen dem Klimawandel und den Abgasen.

Wir fanden es sehr spannend, dass er schon manchmal Tiere gerettet hat. Als Förster benutzt man viele große Maschinen bei der Arbeit z.B. einen Schlepptraktor oder eine Motorsäge, manchmal sogar Pferde.

Es hat uns sehr gut gefallen und es war toll. Danke für das Interview.

*Zyklus 2*
*aus der Angsber Schoul*





# D'Potty Lotty op Besuch am Cycle 1

**E Méindeg, den 20. Februar 2023 war d'Potty Lotty mat sengem Koffer voller Geschichten op Besuch am Cycle 1.**

Mat dobäi hat hatt d'Geschicht „Wéi schmaacht de Mound?", déi hatt de Kanner immens lieweg a flott erzielt huet. D'Kanner ware mat vill Begeeschterung dobäi an hu super matgemaach.
















# Thema Verkéier am Cycle 1





**Am Cycle 1 gouf dëst Trimester iwwert d'Theema Stroosseverkéier a Sécherheet op der Strooss geschwat, sou wéi iwwer dat korrekt Verhalen als Foussgänger. D'Kanner hu geüübt, richteg iwwert d'Strooss an iwwert den Trottoir ze goen.**

De Foussgängerfürerschäin, deen als Ofschloss geplangt war, konnt leider wéinst de Wiederkonditiounen net stattfannen. Mir wëllen awer op dëser Plaz nach emol ee grousse Merci un d'APEF riichten, sou wéi un eis Agent-municipallen an un all déi Elteren, déi sech bereet erklärt haten, eis op dësem Nomëtteg ze ënnerstëtzen.

Ee flotten Ofschloss haten d'Kanner dunn trotzdeem nach, wéi se all zesumme mam Bus op Biereng gefuer sinn, fir sech an der Hal lerbecht de Poppentheater „Wien huet de grénge Männche geklaut?" vun der Sécurité Routière an der Police Lëtzebuerg unzekucken.









# FUESENT AN DER ANGSBER SCHOUL









# Aktivitéiten an der Maison Relais

**Säit Dezember 2022 hu mir am Précoce / C1 eng Schülerin aus dem LTPES. Am Kader vun sengem Projet „Förderung vun der Beweegung unhand vu Beweegungsspiller", huet d'Marnie mat de Kanner sou munch flott Aktivitéit op d'Been gestallt.**

Op et eng méi aktiv Aktivitéit mat Bäll, Loftballone war, een klengt Spill wéi Pantomim, ee Parcours oder een Tuerm bauen.


D'Kanner hunn zesummen rausgesicht, wéi eng Aart Beweegungsspill gemaach gëtt a konnten selwer entscheeden op si deelhuelen wéilten.

Gemeinsam ass d'Material gesicht gi, den Oflaf an d'Reegelen sinn festgehale ginn an dono ass et lass gaang.

En ofwiesslungsräichen, participativen an aktiven Projet ass gelongen.

















# Apple Crumble um Feier

**Nodeems d'Holz, Spéin, Eeërkarton an Trocknerfusel an der Feierschossel gestapelt sinn, probéieren mir d'Feier mat eisem Feiersteen unzefänken...
Yeah et brennt.**

Ronderëm Feierschossel molen mir een Krees mat Kräid. An desen Krees dierfen mir nëmmen mat engem Erwuesenen fir z.B een Stéck Holz an d'Feier nozeleeën.

An daer Zäit bis d' Holz ofgebrannt ass, bereeden mir den Streisel fir an schneiden d'Äppel.

D'Äppel ginn duerno an d'Däppen getässelt an den Streisel uewendriwwer verdeelt.

D'Däppen gëtt dann an d'Feierschossel gestallt mat puer Kuelen uewendrop.

Lo heescht et waarden. D'Waarden huet sech gelount. Eisen AppleCrumble schmaacht lecker an mir hunn eis en gutt dobaussen schmaachen gelooss.

















# Kicker Turneier

Den 22.03.2023 haten mir en Kicker Turnéier an der Maison-Relais.

Et goufen 7 Gruppen zu zwee déi géinteneen gespillt hunn. Emmer rëm goufen et spannend an opreegend Matcher. An wéi ob all Turnéier goufen et och zwee Gewënner, déi all Match mat voller Konzentratioun gemeeschtert hunn. An mam Max an mam Charel hunn ech en klénge Interview gemaach: „Wéi hutt dir den Turnéier fonnt?"

„Mir hunn et flott fonnt an och wann mir verluer hätten, wär et flott gewiescht!"

Hutt dir iech virbereet?
„ Nee mir kennen dat einfach!"

Wéi hutt dir den Präis fonnt an hutt dir en ausgenotzt?
„ Jo mir hunn et mega cool fonnt an den Präis huet äis och gutt gefall"

Wenn war den schwéiersten Géigner?
„Als éischt hat ech bëssen Respekt virum Xavier an André, mee dono hunn mir 5:10 gewonnen" sot den Charel.

Den Max huet awer fonnt, dass sie déi gréissten Géigner vun Konkurrenz waren.

Mee et ass nach net Fäerdeg, den 21.04.2023 hunn mir och en Fussball Turnéier!

Chiara
















# LEGO CHALLENGE

Die Maison Relais Lorentzweiler organisierte eine LegoChallenge. Da nur ein Projekt eingereicht werden durfte, entschieden wir uns intern einen Legowettbewerb zu starten. Hier verschiedene Eindrücke und Erklärungen von den Baumeistern zu ihren Bauprojekten:

**Beschreibung des Bauwerkes der Gewinner des 1. Preises:**
Dieses Projekt hat mehr als 5 Wochen gedauert. Diese 7 Jungen haben sich viel Mühe gegeben um eine schöne, geheimnisvolle und brutale Pirateninsel aus LEGO zu bauen. Jeden Montag, Mittwoch und Freitag haben sie daran gearbeitet. Hier eine Beschreibung von der Insel:

Zelt 1: Es ist ein blaues Zelt, in dem meistens Kriegsrat gehalten wird. Zelt 2: Im Zelt 2 wird geschlafen. Kampfring: Im Kampfring kämpfen Leute und die Leute der Pirateninsel werden unterhalten. Haupthaus: Im Haupthaus wird der Chef gewählt. Gasthaus: Im Gasthaus schlafen Gäste und da wird auch gegessen. Ruine und Höhle: Die Ruine war mal eine schöne Villa. Auf der Höhle flie□t Lava und in der Höhle liegt ein Schatz. Schiff: Im Schiff werden Sachen verstaut aber in Kämpfen wird es als Kampfschiff benutzt.

Im Interview von Pit R.: Mir hat es sehr gut gefallen. Ich konnte leider nur freitags bauen. Ich würde natürlich nochmal so etwas bauen. Ich würde dem was wir gebaut haben eine 9 von 10 geben. Ich würde es als Set veröffentlichen, weil viele Details gebaut haben.

Im Interview von Jago L. (der Chef): Mir hat es sehr gut gefallen. Ich würde es 100 pro wieder tun. Der Traum von mir und meinem besten Freund Pit R. war, dass wir bei einem Legowettbewerb dabei sind und jetzt ist ein Stück in Erfüllung gegangen. Ich würde dem Projekt 9 ¾ von 10 geben.

Im Interview von der ganzen Gruppe. Wir haben uns sehr amüsiert. Wir würden es sicher wieder tun. Wir sind auch froh, dass wir den ERSTEN PREIS gewonnen haben. Wir sind auch sehr stolz, dass wir diesen Artikel im Gemengenblat schreiben dürfen.

Geholfen haben Pit, Jago, Noé, Ben, Noah, Luca, Charel
Geschrieben von Jago.

**Beschreibung des Bauwerkes der Gewinner des 2. Platzes:**
Wir haben ein Familienhaus mit zwei Zimmern, einem Badezimmer, einem Massagestuhl und einem Schwimmbecken mit Sprungbrett gebaut. In dem Raum ist auch ein Wildschwein, das ein Gehege unter der Treppe hat. Außerdem haben wir einen anderen Raum in dem sich die Küche befindet. In dem Raum mit der Küche steht auch der Fernseher mit dem Sofa und wir haben einen Balkon. In der Ecke steht ein Schrank und ein Hoverboard. In dem Schrank liegen die Teller und das Besteck.

Mathilda und Larissa

Den 3. Platz haben Dean und David belegt.

Gratulation an alle Gewinner.











# Liesmoien

## Elterevereenegung Fëschbech

**18.12.2022 ANGELSBIERG**

**Den 18. Dezember 2022 hat d'Elterevereenegung e gemittlechen an wanterlechen Advents-Liesmoien an der Maison Relais zu Angelsbierg organiseiert.**

Christiane Kremer huet Kanner an déi schéin Welt vun den Wantergeschichten matgeholl.











*Wëllst du d'APEF mat enger Memberskaart ënnerstëtzen ?*

Payez mobile avec payconiq

Scan de Code

apef
Elterevereenegung Fëschbech



# Generalversammlung

## Pompjeeën

**14.01.2023 SCHOUS**

**Op der Generalversammlung vun der Amicale vun de Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech sinn ewéi all Joer d' Rapporte vum lëschte Joer presentéiert ginn.Och de Chef CIS Lucien KARIER huet de Bilan vun den Übungen an den Asätz 2022 geméit.**

Eis Amicalen zielt de Moment 57 Membere vun deenen der 22 am CIS Fëschbech aktiv sinn. Och eis Jugendaarbecht ënnert der Jugendleederin Lis KARIER brauch sech mat 13 Jugendpompjeeën net ze verstoppen.

2023 sinn och nees vill Aktivitéite geplangt, ënner anerem d'Generalversammlung vun der Regioun Osten an e Regionale Jugendrallye, mee och de Kannerfuesbal, d'Kiermesham an en Ausfluch an d'Phantasialand.

No der fräier Ausproochhuet de Buergermeeschter Fränk DAEMS an de Regionalvertrieder Marc MITTEN nach e puer Wuert un eis geriicht.

Zum Schluss hu mer den Paul VREHEN geéiert. De Paul ass de 15. Mee 1981 an d'Pompjeeë vu Schous agetratt. Vun 1993 bis 2003 war hie Chef de Corps vun de Pompjeeë Gemeng Fëschbech, vun 2003 bis 2020 Chef de Corps Adjoint resp. Chef CIS Adjoint. De Abrëll 2022 huet de Paul als aktive Pompjee opgehalen an huet seng Pensioun bei de Pompjeeë gefrot. Hie wäert awer nach weider als Veteran dem CIS Fëschbech an der Amicale vun de Pompjeeë verbonne bleiwen.

Den Owend hu mer all zesummen, mat eise Partner am Restaurant „op der Gare" zu Läntgen bei engem gudde Maufel, ausklénge gelooss.

*Luss BROSIUS*
*President vun der Amicale*







WAT WAR LASS ?

# Theaterowender

**Theaterveräin** 21 - 22 - 27- 28.02.2023 **SCHOUS**



Endlech war nees Theater op der Héicht an et konnt gutt gelaacht ginn. Den Theaterveräin Fëschbech, Schous, Angsbreg a.s.b.l. huet den 2 Akter „Déi Al ass zéi" vum Michèle FINCK gespillt. D'Stéck war dem Claude FLICK dediéiert, deen eis leider ze fréi verlooss huet!











# „Mir Kanner komme liichten Mir gi vun Haus zu Haus."

02.02.2023



Angelsbierg





Schous



Fëschbech

# Hierkeniessen

**Senioreveräin** **10.02.2023 SCHOUS**

No 2 x „Take away" Hierken konnte mir den 10. Februar 2023 eist traditionnellt Hierkefest am Veräinshaus „op der Héicht" ofhalen.
90 Memberen a Frënn hu sech 500 Hierkefileten gutt schmaachen gelooss. Do derniewent sinn 20 Hameschmieren servéiert ginn. E Stéck Taart an eng Tass Kaffi hu natierlech nët gefeelt.
E grousse Merci a bis dat nächst Joer.

*Senioreveräin*
*Gemeng Fëschbech*



# Kannerfuesbal

**Pompjeeën** **12.02.2023 SCHOUS**

No 2 Joer Paus, waren déi kleng Fuesboken nees zu Schous op der Héicht um Dill. De Kannerfuesbal vun de Pompjeeën konnt erëm ofgehale gi! Et ass sech de ganze Sonnde Mëtten ameséiert gi bei Spiller, Danz an Tombola!

*Amicale Pompjeeën*
*Gemeng Fëschbech*









# Mir ginn heeschen

**Schoulkanner** **16.02.2023 FËSCHBECH**





WAT WAR LASS ?

# Hexebal

**Club des jeunes** 17.02.2023 **SCHOUS**









**Save the Date 09.02.24**











# Kavalkade zu Dikrech

**19.02.2023 DIKRECH**

**Op der 55. Dikricher Cavalcade de 19. Februar 2023, waren och Leit aus eiser Gemeng.**

Déi eng hu fläisseg Séissegkeete gesammelt an déi schéi Ween gekuckt, déi aner sinn am Cortège matgaangen an hu Gedréinks a Séisses verdeelt. Esou och eise Club des Jeunes Angelsbierg, dee mam Won „Chantier“ derbäi wor.

























# Buergbrennen

Fëschber Maarkollefen
25.02.2023 FËSCHBECH













Schéisser Wiichtelcher
26.02.2023 SCHOUS













**Club des jeunes Angelsbierg**
**26.02.2023 ANGELSBIERG**













# Generalversammlung

## Senioreveräin

**12.03.2023 SCHOUS**

**Den 12. Mäerz 2023 huet de Senioreveräin aus der Gemeng Fëschbech hir Generalversammlung 2022 ofgehalen. D'Presidentin Marie-Louise Haas konnt 50 Frënn a Membere begréissen, ënner anerem och de Buergermeeschter Frank Daems an de Schäffe Luss Brosius.**

No enger Gedenkminutt fir all déi Verstuerwen ass Generalversammlung ofgehalen ginn. Den Aktivitéitsbericht huet eis Sekretärin Marianne virgedroen, eis Kees gouf vun der Caissière Sylvie präsenteiert. Mir haten och dës Kéier Komiteeswalen: Austriedent an erëmwielbar ware Kirsch Astrid a Bück Jang.Ab 2024 get eis Cotisatioun vu 7 op 10 Euro eropgesat.No der Usprooch vun eisem Buergermeeschter, deen eis weider vill Succès  fir déi nächste Jore gewënscht huet, hu mir bei leckerem Bond a Kaffi e puer flott Stonnen op der Héicht verbruecht.

*De Comité*







# Choucroute

**Spuerveräin** — 19.03.2023 **SCHOUS**











**Den 19. Mäerz 2023 huet eise Veräin seng traditionell „Choucroute garnie" organiséiert. Mir konnte ronn 180 Leit servéieren. Niewent dem Menü sinn eis Gäscht mat Dessert a Kaffi verwinnt gi.**

Och hate mir eng schéin Tombola, déi gutt ukomm ass. Merci un d'Sponsoren. Am Nomëtteg ass de Kannerchouer vu Consdorf opgetratt an huet eis wonnerbar Lidder gesongen. Dat war eng groussaarteg Leeschtung vun de Meedercher a Jongen an hirem Dirigent dem Här Loewen. E grousse Merci un all Memberen a Frënn fir hir Präsenz hei op der Héicht, a bis d'nächst Joer.

*De Comité*





# „Mir reechen d'Hand"

**ACFL** — 27.03.2023 **SCHOUS**

**Dat ass d'Devise vun de Stroossenengelen hei am Land. Well d'Fraen a Mammen vu Fëschbech-Schous-Angelsbierg sech déi Devise och zu Häerz geholl hunn, hunn si den Här Luc Lauer vun dëser Associatioun an hir Generalversammlung invitéiert.**

Hien huet een Don vun 2000 Euros kritt, an huet deen Owend de Leit ganz vill Erklärungen ginn iwwer de Fonktionnement vun dëser Vereenegung. All d'Leit am Sall ware staark impressionéiert iwwer dee formidablen Asaz vun deene „Stroossenengelen", déi 7 Deeg op 7, fräiwëlleg, no hierer normaler Aarbecht, ënnerwee sinn, fir deene mannerbemëttelte Leit (op haut sinn et 300 Familljen am ganze Land) dat Néidegst fir ze liewen liwweren. Des Liewensmëttel kommen haaptsächlech vun der „Banque Alimentaire", a vum Service „Gaspi". Dat si Wueren, déi an de Geschäfter um Punkt sinn ofzelafen. E weidere Chèque gouf och nach un d' Médecins du Monde iwwerwisen.



## Wéi kënnt et zu dësen Don'en?

**Dat ass den Erléis vun eisem BAZAR, op deem mir vun den Awunner aus eiser Gemeng a rondrëm kräfteg ënnerstëtzt goufen.**

En zousätzleche Bäitrag hu mir duerch en Tableau kritt, deen d'Madame Mady Reuland eis gestëft huet.Den Erléis vum Tableau ass un d'Affer vum Erdbiewen an der Türkei/Syrien iwwerwise ginn.

Een häerzleche Merci soen d'Fraen a Mammen fir all Form vun Ënnerstëtzung.

*Andrée DAEMS*








# GV Regioun Osten

**Pompjeeën** **28.03.2023 SCHOUS**

Säit knapps 10 Joer sinn d'Pompjeeën aus der Gemeng Fëschbech am Pompjeesverband an der Regioun Osten an dofir hate mir och gemengt et wier un der Zäit, dass mer déi alljärlech Generalversammlung emol bei eis zu Schous géife maachen. Vun de verschiddenen Amicale waren se och bal all komm, an esou konnt ech eng ronn 50 Leit op der Héicht begréissen. No den eenzele Rapporten huet de Präsident vum Landesverband Marc MAMER an de Buergermeeschter Fränk DAEMS nach e puer Wuert un eis geriicht, éier mir den Owend bei engem Patt ausklénge gelooss hunn.

*Luss BROSIUS*
*President Amicale Pompjeeën Gemeng Fëschbech*















# Generalversammlung vun der Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**Chorale** **31.03.2023 SCHOUS**

**Den 31. Mäerz huet Chorale op hier Generalversammlung an de Veräinshaus op Schous invitéiert.**

De Präsident Hubert Lanckohr konnt de Buergermeeschter Fränk Daems an den zweeten Schäffen Lucien Brosius begréissen. De Kleerus war duerch den Abbé Pierre Habarurema vertrueden.

D'Aktivitéite goufe vum Secrétaire Alex Kugener virgedroen.

De Keeserapport, deen ee positive Bilan opweist, ass virgedroe gi vum Keessier Claude Malget. Keeserevisoren hunn déi gutt gefouert Kees gelueft an hunn Memberen em Entlaaschtung gefrot. De Präsident huet dem John Daems Merci gesot, deen no 42 Joer Direktioun vun der Chorale, den Dirigentenstaaf un Théa Kass-Origer viru ginn huet. Déi nei Dirigentin huet de Sängerinnen a Sänger Merci gesot fir hir Presence bei de Prouwen a Massen, an ass frou iwwert eng wieder gutt Zesummenaarbecht.

De Buergermeeschter huet der Chorale, déi iwwert Joer 50 Aktivitéiten hat, wieder hir voll Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

Versammlung huet mat engem Iessen ofgeschloss.

*De Comité*









# D'Klibberen...

**Schoulkanner** 08.04.2023

*Dik dik dak,*
*muer as Ouschterdag ...*


Fëschbech


Schous


Angelsbierg





# Éischt Kommioun

**Kathoulesch Kierch** 16.04.2023 **FËSCHBECH**

Fir d'Fest vun der Eischter Kommioun organiséieren d'Kanner aus de Gemenge Fëschbech a Luerentzweiler eng Spendenaktioun fir Kanner déi ënnert schwieregen Konditiounen liewen via d'FONDATION SAHRA GROND.

Den Don kënn dir op de Kont vun der FONDATION SAHRA GROND; LU73 0021 7102 0138 5500 bei der BIL maachen mam Vermierk: „Virnumm a Numm vum Kand" oder „All Kanner" + „Première Communion" + „Eglise Fischbach"

**D'Kommiounskanner 2023 sinn:**
**Martin DAMGE**, Angelsberg
**Julie DHAMEN**, Fischbach
**Carolina DUARTE SANTOS**, Angelsberg
**Maya DURRER**, SCHOOS
**Anna FABER**, Fischbach
**Matteo FORTUNATO**, Fischbach
**Dave MARINHO**, Helmdange
**Emilien STREFF**, Blaschette
**Alessio VERDUCI**, Helmdange
**Julia VERDUCI**, Helmdange



# Was macht ein Tiroler in Schoos?

**Heute stellen wir Ihnen einen jungen, talentierten Musiker aus unserer Gemeinde vor:**



***Andreas Mader, gebürtiger Österreicher lebt seit 2020 in Schoos, zusammen mit seinem Partner Pit Brosius.***

Andreas Mader ist in Jochberg in Tirol aufgewachsen. Seit jüngster Kindheit hat er sich für Musik interessiert. Kein Wunder , waren doch sein Urgroßvater, der Großvater, genauso wie der Vater jahrzehntelang motivierte Mitspieler in der dortigen Musikkapelle. Das Musizieren wurde ihm also förmlich in die Wiege gelegt.

Das erste Instrument , mit dem er sich beschäftigte , war das Klavier. Leider kann man damit in einer Blaskapelle nicht viel ausrichten, so dass Andreas sich schnell nach etwas Handlicherem und Tragbarerem umgesehen hat, und auf diese Art und Weise zum Saxophon gekommen ist .

Welch ein Glück!

Schnell stellte sich heraus, dass Andreas neben enorm viel Talent über großen Fleiß und eiserne Disziplin verfügt. Im jugendlichen Alter von 13 Jahren stand für ihn fest , dass er Musik studieren wird .Aus diesem Grunde besuchte er das Musikgymnasium in Innsbruck und belegte das Vorbereitungsstudium am Tiroler Landeskonservatorium. Faszinierend ist für ihn, dass man mit dem Erlernen des Saxophonspielens zwei völlig verschiedene Musikrichtungen einschlagen kann, entweder man entscheidet sich für Jazz oder aber für die Klassik.

Neben dem Jazz war es vor allem das Saxophon in der klassischen Musik, das Andreas' Leidenschaft weckte. Weil es aber dafür in Österreich damals, im Gegensatz zu heute, noch weniger Beachtung und Möglichkeiten gab, entschloss er sich zum Studium nach Amsterdam zu ziehen.

Arno Bornkamp; damals schon sein Vorbild, sollte in Amsterdam einer seiner Lehrmeister werden.

Vorher musste er allerdings in Österreich seine Wehrpflicht beim Militär absolvieren , in seinem Falle schon als Saxophonspieler in der Militärmusik. Während dieser Zeit hat er sich für die Aufnahmeprüfung vorbereitet. Die Auswahlkriterien für Musikstudierende sind streng und es gibt jedes Jahr nur etwa 2-3 freie Studienplätze.

Diese Hürde hat Andreas bravourös gemeistert, einen Bachelor-, sowie einen Masterabschluss in Live-Elektronics geschafft, und das mit der Auszeichnung „cum laude". Auch privat hat ihm Amsterdam gut getan, hat er hier doch seinen Lebensgefährten kennengelernt.

Beide leben mittlerweile in Schoos und Andreas unterrichtet Saxophon an der Musikschule in Echternach/ Junglinster. Parallel dazu arbeitet er als freischaffender Musiker mit seinen eigenen Ensembles, als Solist (Düsseldorfer Philharmoniker, Krakauer Philharmonic Orchestra, Kammerphilharmonie Graubünden, Philharmonie Südwestfalen) sowie als Orchestermusiker (NDR Elbphilharmonie Orchester, Nederlands Philharmonisch Orkest, Staatsorchester Hamburg, Orchestre de Chambre du Luxembourg). 2019 veröffentlichte er mit seinem Saxophon-Klavier Duo seine erste CD „Lilith & Lulu", die einiges an internationaler Aufmerksamkeit bekam.

Sein Können und Wissen gibt er auch gerne weiter; so am 27 April in einem Meisterkurs für die Saxophonstudenten am Mozarteum in Salzburg.

Trotz unumstrittener Anerkennung (die Rheinzeitung berichtet über seine „brillante Technik und beachtliche Wandlungsfähigkeit"; Pizzicato.lu rühmt die „phänomenale Beherrschung des Klanges") strebt Andreas weiter nach Entwicklung und Perfektion.

Einen Teil der Entwicklung eines jungen Musikers macht auch die Teilnahme an Wettbewerben aus. Er liebt diese Herausforderungen. Neben der intensiven Vorbereitung, die einem Musiker hilft, sein Können weiter zu perfektionieren, können Preise einen Karrieresprung darstellen.

Ende des Jahres 2022 ist ihm dabei ein sehr großer Coup gelungen. Anfang Oktober hat er seinem Heimatland Österreich den 1. Preis des internationalen Werner Pirchner Preises in Innsbruck gewonnen. Nur einige Tage später fliegt er nach New York, um dort am renommierten Wettbewerb der Naumburg Foundation teilzunehmen.







In einer Videovorauswahl hatte er sich qualifiziert, um dort an diesem in den USA sehr renommierten Wettbewerb für junge Musiktalente teilzunehmen. Die private Naumburg Stiftung, welche seit 100 Jahren existiert , organisiert jedes Jahr einen solchen hochdotierten Wettbewerb, meist jedoch für Streichinstrumente oder Klavier.
Es sollte 2022 das erste Mal in der Geschichte des Wettbewerbs die Gelegenheit für junge Saxophonisten geben, ihr Können unter Beweis zu stellen. Die Stücke waren für jeden Teilnehmer frei wählbar. Insgesamt waren fast 3 Stunden Musik vorzubereiten, aus denen dann Vorort von der Jury einzelne Werke ausgewählt wurden. Nach 3 Vorspielrunden stand fest, dass er den 1 Preis gewonnen hat.

Neben einem Preisgeld von 20 000$, freute sich Andreas besonders über den damit verbundenen Auftritt in der Carnegie Hall in New York im April 2024.



Zusätzlich dazu, wird die in New York lebende , österreich-russische Komponistin Lera Auerbach eigens für ihn ein Auftragswerk komponieren. Dieses Werk wird er in der weltbekannten Konzerthalle uraufführen.

Interessierte brauchen aber nicht nach New York zu reisen , auch in Luxemburg kann man in den Genuss seiner Darbietungen kommen. Als Initiator der ersten Echternacher Saxophontage, wird er Saxophonspieler aus ganz Luxemburg in Echternach versammeln und am 25 Juni wird es um 17:00 ein Konzert im Trifolion geben.

Nächstes Jahr im März wird er im Mierscher Kulturhaus auftreten , sowie am 19 November während eines speziellen Hauskonzertes bei Camille Kerger wieder sein Bestes geben.

*Marianne BROSIUS*



*https://naumburg.org*
*https://emechternach.com*
*https://andreas-mader.net*

# 2023

Schéckt eis är Manifestatioun op:
gemengeblat@acfischbach.lu

## MEE

| | |
|---|---|
| **01** | **EISCHT MEEFEIER**<br>*Schous* / Wiichtelcher |
| **07** | **ALBINUSFEIER**<br>*Schous* |
| | **SPARGELIESSEN**<br>*Schous* / Senioreveräin |
| **20** | **PORTE OUVERTE „MOLKEREI"**<br>*Schous* / Club des Jeunes |

## JUNI

| | |
|---|---|
| **04** | **OPPE KIERCHEN**<br>*Fëschbech* |
| **11** | **GEMENGEWALEN** |
| | **MAMMENDAG** |
| **17** | **NOPESCHFEST**<br>*Fëschbech* / Fëschber Nopeschfest |
| **22** | **VIROWEND NATIONALFEIERDAG**<br>*Schous* / Gemeng |
| | **TE DEUM**<br>*Fëschbech* |
| | **FESTIVITÉIT**<br>*Schous* |

## JULI

| | |
|---|---|
| **06** | **GRILLPARTY**<br>*Schous* / Senioreveräin |
| **08** | **JUGENDPOMPJEESRALLYE**<br>*Schous* / Pompjeeën Regioun Osten |
| **14** | **SCHOULFEST**<br>*Schous* / Elterevereenegung |
| **16** | **PARFEST**<br>*Schous* / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous |



## AUGUST

| | |
|---|---|
| **15** | **WËSCH AN DER KAPELL**<br>*Schous* / ACFL - Kathoulesch Kierch |

## SEPTEMBER

| | |
|---|---|
| **10** | **HIERSCHTFEST**<br>*Schous* / Senioreveräin |

## OKTOBER

| | |
|---|---|
| **01** | **ANGSBER KIERMES** |
| **05** | **PAPPENDAGSFEIER**<br>*Schous* / Senioreveräin |
| **08** | **CHAMBERWALEN** |
| **10** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |
| **15** | **JOURNÉE DU GRAND-ÂGE**<br>*Schous* / Senioreveräin |
| | **COMMÉMORATION**<br>Gemeng |
| **17** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |
| **22** | **FAIRE KAFFISBUFFET**<br>*Schous* / Grupp fir Fair a Regional Produiten vun der Gemeng |
| **24** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |
| **31** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |

## NOVEMBER

| | |
|---|---|
| **07** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |
| **12** | **KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT**<br>*Schous* / Pompjeeën |
| | **FËSCHBER A SCHÉISSER KIERMES** |
| **14** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |
| **21** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |
| **26** | **SCHLUECHTFEST**<br>*Schous* / Senioreveräin |
| **28** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |

## DEZEMBER

| | |
|---|---|
| **1 - 24** | **AKTIOUN ADVÉNTSFËNSTER**<br>Kultur- a Veräinskommissioun |
| **04** | **DE KLEESCHEN KENNT AN D'SCHOUL**<br>Gemeng Fëschbech |
| **05** | **DE KLEESCHEN FIRT DUERCH D'GEMENG**<br>Club des Jeunes |
| **12** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |
| **19** | **BITZOWEND**<br>*Schous* / ACFL |



## Verbindung tëschent Herrschaft, Kierch a Welt

Am Kader vum Weekend vun den oppene Kierchen mécht d'Fëschber Kierch sonndes, de 4. Juni 2023 hier Dieren op. De Weekend steet dëst Joer ënnert dem Thema: Kleng Détailer, grouss Geschichten.

Nierft dem wonnerschéine Schlass, dat der groussherzoglecher Famill zënter 1891 gehéiert, steet an eiser Gemeng nämlech eng vun den éischte neogotesche Kierchen hei am Land.

Wéi eng speziell Bedeitung huet dës Kierch fir eis groussherzoglech Famill a wéi eng verschidde weltlech a kierchlech Wopen, kann een an der Kierch vu Fëschbech entdecken ?

Op dës Froen probéiert d'Visite guidée Iech eng Äntwert ze ginn.

Informatiounen wéi eng aaner Kierchen am Land beim Weekend vun den oppene Kierche matmaachen fannt Dir um site: ***www.oppekierchen.lu***

### PROGRAMM

**SONNDES, DE 4. JUNI 2023**

- **14.30 Auer**
  Uergelconcert mam Titularorganist Robert Depta
- **15.30 Auer**
  Visite guidée a lëtzebuerger Sprooch
- **Vun 10.00 bis 14.00 Auer a vun 16.30 bis 18.00 Auer fräi Visite,**
  et stinn Informatiounstafelen a lëtzebuerger a franséischer Sprooch an der Kierch.





10. Juni 2023
Portes Ouvertes
AN ALLE JUGENDHAISER ZU LËTZEBUERG
VUN 14:00-18:00 AUER
Féierungen
Animatiounen
Informatiounen
10 Juin 2023
sites guidées › Animations › Informations
Portes ouvertes
dans toutes les maisons des jeunes
au Luxembourg de 14h00-18h00
June 10, 2023
Guided tours › Animations › Information
Open doors
in all youth centers in Luxembourg
from 2 p.m. to 6 p.m.
10 de junho de 2023
Visitas guiadas › Animações › Informações
Portas abertas
em todos os centros juvenis
no Luxemburgo, das 14h00 às 18h00
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
juha
www.juha.lu




SAVE THE DATE
FËSCHBER
NOPESCH
FEST
9. EDITIOUN
SAMSDEG
17. JUNI 2023
IM BATZ
Fëschber
ASBL
NOPESCHFEST

# Viv, alles Gutt's a „Schiff Ahoi"!

D'Viviane Thill huet den 2. November 2017 bei eis zu Fëschbech op der Gemeng als Gemengesekretärin ugefaangen. Vill Aarbecht huet hei op hat gewaart. Zum engen duerch Projeten déi um lafe waren awer och duerch Dossieren déi déi läscht Joren sech sëlwer iwwerlooss goufen.

Donieft hat hat och nach een neie Schäfferot ze betreien! D'Viv huet seng Aarbecht mat vill Léift zum Detail an Exactitude gemaach. Donieft huet hat comme il faut an d'Equipe vun eisem Gemengepersonal gepasst a konnt duerch seng laangjäreg Erfarung jidderengem mat Rot an Dood zur Säit stoen. Vill Aarbecht plus de Fait dass d'Viv zu Fëschbech och nach eng Rëtsch Méint d'Aarbecht vum Gemengen Techniker huet misste mat bewältegen huet duerzou gefouert dass nawell e sëllege Congé an Iwwerstonnen ugefall sinn.

Dësen Iwwerschoss hëlt d'Viv dann elo ran an hatt hat de 16. Februar säi leschte Schaffdag en présentiel op der Gemeng, ier et am Juli seng offiziell Pensioun untrëtt. An enger klenger Feierstonn hunn seng Kolleeginnen a Kolleegen him schonn een éischten Äddi gesot. Den offiziellen Abschid wäert et am Februar 2024 op der Soirée Amicale vun der Gemeng ginn.





*Mir all soen dem Viv*
*elo scho vun hei aus Merci*
*fir säi virbildlechen a kollegialen Asaz !*



**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Jeudi de 08h30 à 11h30 et de 14h00 à 18h00**
**les autres jours: uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**

| | |
|---|---|
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | 32 70 84 - 24 |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1. Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2. Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**

| | |
|---|---|
| secretariat@acfischbach.lu | |
| HEUSKIN Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.heuskin@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |

**BUREAU DE LA POPULATION**

| | |
|---|---|
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |

**RECETTE COMMUNALE**

| | |
|---|---|
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |

**SERVICE TECHNIQUE**

| | |
|---|---|
| technique@acfischbach.lu | |
| LAUX Marc | 32 70 84 - 22 |
| marc.laux@acfischbach.lu | |

**SERVICE FORESTIER**

| | |
|---|---|
| MOLITOR Olivier | 87 96 49 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |



**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu